

Scheuer gefrot huet, wat se hei erwirtschaften, do misst ee vlächit d'Statistike vun der Handwierskummer nach eng Kéier nokucken. Ech mengen, de Stateg erfaasst dat och net esou ,wéi een dat am Fong gären hått. Allgemeng wëll ech soen, datt mer frou wären, e bësse méi detailléiert Statistiken iwwert d'ganz Handwiersbran-chen an deenen hir Aktivitéite vun do ze kréien.

Den Här Mehlen huet gefrot, wéi et mat deene vun 72 Joer wier. Also, ech muss soen, beim Artisanat war dat keen esou e grouss Problem, wéi et an der Agrarwelt de Fall war. An do ass et och esou akzeptéiert, datt Memberen, déi etabléiert wa- ren, wa se nach keng 72 Joer hunn, esouguer wa se net méi aktiv sinn, kënnen froen, fir Ressortissants vun der Chamber ze ginn.

(Interruption)

Also Ressortissants avec droit de vote. Gutt.

An de Problem ass, wann ee ge- wielt ginn ass - ech soen elo - mat 70 Joer, dann hält säi Mandat op mat 72 Joer. Dat heescht, de Man- dat geet net iwwer 72 eraus. Et ass esou, wéi dat ze verstoen ass.

Da wëll ech vlächit trotz allem nach ee Wuert soen, wat d'Handwiersk duerstellt. Dat si 4.000 Entreprisé mat ronn 55.000 Salariéen. Wann ech do eng schnell Divisioun maa- chen, da mécht dat ronn 15 Sala- riéë pro Betrib. Dat heescht, mir hunn hei zolidd handwierklech Be- triber. An der Strukturentwécklung ass et an déi Richtung gaangen, datt mer manner Betriber hunn am Artisanat, mä méi Salariéen. Dat heescht, d'Zuel vun de Salariéen ass an d'Luucht gaangen. Et ass eng gewësse Konzentratioun an eng Vergrësserung vun de Betri- ber komm.

Wat d'Handwiersk duerstellt, do wëll ech nëmmen zwou Zuele soen: 16% vun der Zuel vun de Betriber an 20% vun der Beschäftigten- zuel. Et ass also schonn e Secteur, deen en zolitte Peiler vun der Lët- zebuerger Economie duerstellt.

D'Handwierskummer huet eng ganz Rei vun Aufgaben. Ech wëll se elo net nach eng Kéier hei am Detail opzielen, mä ech wëll och vun der Geleeënheet profitéieren, fir ze soen, datt se eng gutt Aar- becht leeschten, datt se d'Vetraue vun hire Memberen hunn. Ech mengen, och déi Avisen, déi se maachen, déi Kontakter, déi se mat

den Autoritéiten a mat aneren hunn, si ganz gutt. Si verrieden d'Handwiersk op eng würdeg a gutt Aart a Weis. Ech wëll hinne, wéi gesot, dofir Merci soen.

Ech wëll och derbäi soen, datt mir d'Handwierskummer zolidd ën- nerstëtzen, well et am Prinzip hei am Land esou ass, datt mir eng Partie vu Missiounen, déi normaler- weis de Stat, de Ministère géif maachen, un d'Handwierskum- mer ofginn hunn. A se maachen déi zur Zefriddenheet vun eis. Mir ginn hinne dofir ronn dräi Millioun- en Euro pro Joer, déi Dir jo stëmmt, woufir ech lech dann och Merci soen.

Dann, als lescht Remarque wëll ech just soen, datt mer amgaange sinn en drëtte Mëjioresprogramm, e Plan d'action en faveur des PME, auszeschaffen. An ech denken, datt am Laf vun där nächster Ses- sioun mer och kënnen dee Plan d'action hei an de Chamber disku- téieren.

Merci.

**M. le Président.** - Merci, Här Minister. Domadder si mer um Enn vun der Debatt ukomm.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung

iwwert de Projet de loi. De Vote fänkt un.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

De Projet de loi ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl ginn.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner (par M. Marcel Oberweis), Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gan- tenbein-Koullen (par Mme Sylvie Andrich-Duval), MM. Marcel Glese- ner, Norbert Hauptert, Mme Fran- çoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par Mme Martine Stein- Mergen), Marc Spautz, Mme Mar- tine Stein-Mergen, MM. Fred Sun- nen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Alex Bodry, John Cas- tegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Roger Negri), Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Fayot), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Ro-*

*main Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Henri Grethen), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Xavier Bet- tel), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Claude Meisch (par M. Charles Goerens) et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Vi- viane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Ro- bert Mehlen;*

*M. Aly Jaerling.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou décidéiert.

Domat si mer um Enn vun der Sit- zung vun haut de Moien. Haut de Mëtten ass déi nächst Sitzung um hallwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

**(Fin de la séance publique à 12.12 heures)**

Ordre du jour

- Dépôt d'une proposition de révision de la Constitution
- 5576 - Projet de loi permettant aux Luxembourgeois nés à l'étranger de conserver la qualité de Luxembourgeois et abrogeant les articles 25,8° et 46 de la loi modifiée du 22 février 1968 sur la nationalité luxembourgeoise  
(Rapport de la Commission juridique - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)
- Dépôt d'une proposition de révision de la Constitution
- 5352 - Projet de loi
  - concernant la société européenne (SE), la société anonyme à directoire et conseil de surveillance et la société anonyme unipersonnelle;
  - modifiant la loi modifiée du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales et certaines autres dispositions légales;
  - modifiant la loi du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises;
  - modifiant la loi modifiée du 30 mars 1988 sur les organ- ismes de placement collectif;
  - modifiant la loi du 20 décembre 2002 concernant les organismes de placement collectif;
  - modifiant la loi du 25 juillet 1990 concernant le statut des administrateurs représentant l'État ou une per- sonne morale de droit public dans une société ano- nyme;
  - modifiant la loi du 4 décembre 1992 sur les informa- tions à publier lors de l'acquisition et de la cession d'une participation importante dans une société cotée en bourse;
  - modifiant la loi du 13 juillet 2005 relative aux institu- tions de retraite professionnelle sous forme de sepcav et assep  
(Rapport de la Commission juridique - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)
- 5435 - Projet de loi
  - complétant le statut de la société européenne (SE) pour ce qui concerne l'implication des travailleurs et
  - modifiant la loi modifiée du 6 mai 1974 instituant des comités mixtes dans les entreprises du secteur privé et organisant la représentation des salariés dans les sociétés anonymes  
(Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)

6. 5501 - Projet de loi modifiant

- la loi modifiée du 30 juin 1976 portant 1. création d'un fonds pour l'emploi; 2. réglementation de l'octroi des indemnités de chômage complet;
- la loi modifiée du 24 décembre 1996 portant introduc- tion d'une bonification d'impôt sur le revenu en cas d'embauchage de chômeurs;
- la loi modifiée du 23 juillet 1993 portant diverses me- sures en faveur de l'emploi  
(Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Luc Frieden et François Biltgen, Ministres.

**(Début de la séance publique à 14.30 heures)**

**M. le Président.** - D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung eng Kommunika- tioun ze maachen?

**Une voix.** - Neen, Här Presi- dent.

**M. le Président.** - Mir kom- men dann zum Projet de loi 5576 iwwert d'Lëtzebuenger Nationalitéit. Et si bis elo ageschriwwen: d'Ma- dame Flesch, d'Madame Err, den Här Braz an den Här Henckes. Fir d'éischt huet d'Wuert de Rappor- teur, den honorabelen Här Paul- Henri Meyers.

**1. Dépôt d'une proposi- tion de révision de la Constitution**

**M. Paul-Henri Meyers (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ier ech mat mengem Rapport ufänken, wëll ech am Numm vun der Verfassungskom- missioun den Dépôt maache vun enger Proposition de révision constitutionnelle. Mir proposéieren den Artikel 10 vun der Verfassung ofzeschaffen, dee virgesäit, dass d'Naturalisatioun nëmmen duerch Gesetz kann accordéiert ginn. Ech

ginn lech dann déi Proposition de révision.

- Proposition de révision N°5595 de l'article 10 de la Constitution

Ech géif lech bieten déi dann och op dee Wee, dee virgesinn ass, weiderzeginn, notamment un d'Re- gierung an un de Conseil d'État.

**M. le Président.** - Merci, Här Meyers.

**2. 5576 - Projet de loi permettant aux Luxem- bourgeois nés à l'étran- ger de conserver la qualité de Luxembour- geois et abrogeant les articles 25,8° et 46 de la loi modifiée du 22 février 1968 sur la nation- alité luxembourgeoise**

**Rapport de la Commission juri- dique**

**M. Paul-Henri Meyers (CSV), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de 17. Mee vun dësem Joer huet de Jus- tizminister Luc Frieden hei an der Chamber e Gesetzesprojet depo- néiert, dee virgesäit, datt d'Lëtze- buenger, déi am Ausland gebuer sinn an eng auslännesch Nationali- téit hunn, hir Lëtzebuenger Nationa- litéit net méi verléieren; datt se d'Lëtzebuenger Nationalitéit beha-

len, och wann déi Deklaratioun, déi am Gesetz virgesinn ass, net ge- maach gëtt.

Fir dat Zil ze erreeche mussen zwee Articlele vum Gesetz vun 1968 ofgeschaf ginn, dat sinn d'Ar- tikelen 25,8° a 46.

Wat gesinn déi zwee Articlele vir?

Den Artikel 25 zielt am Ganzen aacht verschidde Situatiounen op, bei deenen ee Lëtzebuenger seng Nationalitéit verléiere kann. De Punkt aacht, deen haut zur Diskus- sioun steet an ofgeschaf soll ginn, gesäit Folgendes vir: Ee Lëtze- buenger, deen am Ausland gebuer ass, deen am Ausland eng aner Nationalitéit kritt huet, verléiert d'Lëtzebuenger Nationalitéit, wann hien net eng Deklaratioun mécht, déi hie ka maachen, wann hien zënter 18 Joer am Ausland wunnt a wann den Délai vun 20 Joer eriw- wer ass. Déi Deklaratioun muss ge- maach ginn hei zu Lëtzebuerg an déi Deklaratioun muss och all 20 Joer widerholl ginn.

Den Artikel 46 gesäit vir, dass den Délai vun deenen 20 Joer an där Deklaratioun muss gemaach ginn, dass deen uleëft op den 1. Januar 1987 a mam 1. Januar 2007 zu en- gem Enn kënt. Bis dohi mussen also déi éischt Deklaratioune ge- maach gi vun deene Lëtzebuenger, déi am Ausland gebuer goufen, déi do eng aner Nationalitéit kritt hunn an déi méi wéi 18 Joer al ware wéi dat Gesetz komm ass.

Wéi 1986 dat Gesetz gestëmmt ginn ass, war nach déi allgemeng Opfaassung, ganz sécher och hei an der Chamber, dass eng Per- soun prinzipiell keng zwou Natio- nalitéiten hu soll. Dofir war dann och virgesinn, dass ee sech misst ausdrécklech duerch eng Dekla- ratioun zu der Lëtzebuenger Nationa- litéit bekennen an och froen, fir déi ze behalen.

D'Meenungen hunn awer an deen- 20 Joer geännert. Engersäits stelle mer fest, dass mer ganz vill Leit hei am Land hunn, déi elo schonn eng duebel Nationalitéit hunn. D'Regierung selwer huet an hirer Regierungserklärung gesot, dass se och den Auslänner, déi op Lëtzebuerg kommen, wëllt erlaben, hir Nationalitéit ze behalen, dass se also eng duebel Nationalitéit kéinten hunn.



Am Hibleck op esou eng Ännerung wär et natierlech ontragbar, wann een de Lëtzebuerger, déi am Ausland gebuer sinn, och elo nach géif déi Dispositiounen vun 1986 operleeën a se forcéieren déi Deklaratioun, déi d'Gesetz virgesäit, ze maachen, a wa se déi net géife maachen, géife se hir Nationalitéit verléieren.

Dir Dammen an Dir Hären, Här President, souguer wann et déi Méiglechkeet vun där duebeler Nationalitéit, déi en vue ass, net géif ginn a wann déi net verwierklecht géif ginn, da kann een trotzdem der Meenung sinn, dass déi Bestëmmung vum Artikel 25,8° a 46 net am Sënn vun enger gudder Gesetzgebung sinn; och wann dat d'Meenung vun den Deputéierten an den 80er Jore war.

Well den Artikel 25,8°, dee mer haut ofschafen, déi Dispositioun, déi mer ofschafen, verbitt déi duebel Nationalitéit net, au contraire. Si erlaabt och de Lëtzebuerger, déi am Ausland gebuer sinn an eng aner Nationalitéit hunn, Lëtzebuerger ze bleiwen, mä d'Gesetz forcéiert déi Leit eng ausféierlech Deklaratioun ze maachen an d'Gesetz forcéiert se déi Deklaratioun all 20 Joer ze maachen, fir dass se Lëtzebuerger kënnen bleiwen.

Vill Persounen, déi elo an den Délai komme fir déi Deklaratioun ze maachen, maache se vläicht net. Den Exposé des motifs huet eng ganz Rei Grënn opgezielt, an ee Grand ass deen, dass vill Leit net dorun denken, well d'Bierger, och déi, déi am Ausland liewen, hu jo aner Gedanken ze féiere wéi all Dag an hir Lëtzebuerger Nationalitéit ze denken.

Et ginn och aner Grënn, notament deen, dass ee speziell op Lëtzebuerg misst komme fir déi Deklaratioun ze maachen, well se muss gemaach beim Officier de l'État civil. A wann ee jo keng aner Residenz hei zu Lëtzebuerg huet, misst se gemaach gi beim Officier de l'État civil vun der Gemeng Lëtzebuerg. Dat kann och fir déi Leit do mat grousser Käschte verbounne sinn, jee nodeem wou se hierkommen.

Am Sënn vun enger besserer Législatioun gëtt et, ausser der duebeler Nationalitéit, och aner Grënn fir déi do Dispositiounen ofzeschaffen.

Doduerch dass mer den Artikel 25,8° an den Artikel 46 vum Gesetz vun 1968 ofschafen, behalen also d'Lëtzebuerger, déi am Ausland gebuer sinn, déi do eng aner Nationalitéit, duerch wellech Ëmstänn sief et och, kritt hunn, an déi elo nach am Ausland wunnen, hir Nationalitéit, ouni dass se déi Deklaratioun brauchen ze maachen, ouni dass se administrativ Démarché brauchen ze maachen, an dat ass am Sënn vun deene Bierger. Dat ass am Sënn och vun enger besserer Organisatioun, och vun de Lëtzebuerger Verwaltungen, déi domat befaasst waren.

Déi zwee Artikelen, déi mer ofschafen, sinn zënter dem 1. Januar 1987 a Kraaft. Si hunn awer bis haut keng juristesche Effet gehat, well déi Effeten eréischt no 20 Joer entstane wäeren, dat heescht nom 1. Januar 2007. Et brauchen dofir och keng Iwwergangsbestëmmungen an deem Gesetz hei virgesinn ze ginn, well keng juristesche Effeten do waren.

De Statsrot ass mam Text d'accord. Hien hat proposéiert den Intitulé ze änneren. D'Kommissioun war awer der Meenung, fir eng besser Visibilitéit vum Gesetz ze hunn, soll een den Intitulé, esou wéi d'Regierung e proposéiert hat, bäibehalen.

Déi zoustänneg Kommissioun huet mat enger ganz grousser Majoritéit deen Text hei approvüiert an ech géif och d'Chamber bieden, dem Projet hir Zoustëmmung ze ginn, esou wéi d'Kommissioun e proposéiert. Ech kann heimat och den Accord vun der CSV bréngen.

Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Meyers. Éischt Riednerin ass déi honorabel Madame Colette Flesch.

#### Discussion générale

■ **Mme Colette Flesch (DP).** - Merci, Här President.

De Rapporteur huet elo ganz genue exposéiert, wat de Problem ass. Déi Dispositiounen, déi 1986 gutt gemengt waren, hunn haut dësdays am Fong keng Daseinsberechtigung méi, an engem Moment wou mer driwwer nodenke wéi ee soll e Gesetz iwwert d'Nationalitéit adoptéieren, wat d'duebel Nationalitéit erméiglecht.

D'gesellschaftspolitesche Situatioun huet sech geännert. Gewéinlech ass de Législateur ganz staark en retard op d'gesellschaftspolitesche Modifikatiounen. Hei hu mer just nach mat Zäit gemierkt, dass mer eppes maache missten.

Ons Fraktioun ass mat deem Gesetzprojet d'accord.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. le Président.** - Merci, Madame Flesch. Nächst Riednerin ass déi honorabel Madame Lydie Err.

■ **Mme Lydie Err (LSAP).** - Merci, Här President. Ech mengen och, dass et sech eriiwwregt nach eng Kéier op den Detail vum Projet anzegoen, no den Explikatiounen vum Rapporteur, dee wéi ëmmer am Detail a ganz richteg alles erkläert huet.

Ech wëll mech dofir hei op zwee, dräi Punkte limitéieren, an zwar wëll ech zréckkommen op d'Gesetz vun 1986, wou déi Méiglechkeet vun där Déclaration conservatoire hei agefouert ginn ass, déi, wéi de Rapporteur et richteg gesot huet, bis elo keng Uwendung fonnt huet. A mir sinn am Fong elo do, fir wierklech am richtige Moment déi Ännerung virzehuelen, fir ze éviéieren, dass d'Leit hir Lëtzebuerger Nationalitéit verléieren aus iergendwelleche prakteschen Iwwerleeungen eraus. Ech mengen och, dass dat richteg ass, an dass et gutt ass, dass mer dat maachen.

Ech mengen, dass et och wichteg ass ze ënnersträichen, dass dat Gesetz sech hei net applizéiert op déi Lëtzebuerger, déi am Ausland eng aner Nationalitéit ugeholl hunn an déi automatesch virgesäit, dass se, fir déi ze kréien, hir Nationalitéit d'origine mussen opginn. Ech weess net wéi vill Länner dat sinn, mä et betrëfft also elo net jidder Lëtzebuerger, deen am Ausland ass an deen d'Nationalitéit vu sengem État de résidence ugeholl huet; wat mech do zu enger Reflexioun féiert iwwert deen neie Projet de loi iwwert d'duebel Nationalitéit, mat deem mer - huelen ech un - den Hierscht befaasst ginn.

Hei steet am Rapport eng Remarque dra beim Commentaire des articles: «Il est à souligner que cette loi ne s'appliquera pas au cas de figure». Ee Momentchen, neen et ass déi falsch Zitatioun. Dach et ass se: «ne s'appliquera pas au cas de figure d'un Luxembourgeois de souche», an ech wollt am Fong op déi Parenthèse do agoen.

Ech fannen, dass et héich Zäit ass, dass mer am Kader vun den Naturalisatiounen an och am Kader vun deem neien Nationalitéitsgesetz, wat kënnt, ophalen déi Differenz ze maachen zwësche Luxembourgeois de souche a Luxembourgeois de naturalisation. An dat implizéiert a mengen Aen och, dass et richteg wier, dass an deem Gesetz, wat iwwert d'duebel Nationalitéit kënnt, déi Nuancen hei ofgeschaf ginn, well et bréngt net vill eng Diskriminatioun ofzeschaffen an eng aner Diskriminatioun bäizebehallen. Hei ass also déi Geleeënheet oder ni, fir mat engem Schlag zwou Mécken ze treffen, an ech hoffen, dass mer dat packen.

Ech denken dofir, dass et och kloer ass, dass wéinst dem Changement an de Mentalitéiten iwwert d'duebel Nationalitéit zweifelsohne och déi Ofschafung zwëschen echte Lëtzebuerger a gemaachte Lëtzebuerger, wéi et am Sproochgebrauch heescht, an engems géif goen. Et wär sécherlech wünschenswäert.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien.

■ **M. le Président.** - Merci, Madame Err. Den Här Braz huet d'Wuert.

■ **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Déi gréng Fraktioun gëtt natierlech och hir Zoustëmmung fir dee Projet. Ech soen och dem Här Meyers Merci fir säi Rapport zu dëser Matière.

Et wär natierlech gutt gewiescht, wann een dës Proposition de loi hätt kënnen gläichzäiteg mat där iwwert d'duebel Nationalitéit diskutéieren. Dat hätt sécher méi Sënn gemaach, fir all déi Considératiounen do zesummen ze évoquéieren. Bon, de Justizminister huet de Projet de loi net - wéi ugekënnegt - scho virum Summer déposéiert. Mir wäer frou, wann de Justizminister eis herno a senger Äntwert zu dësem Projet de loi kéint soen, wéini dann definitiv mat dem Dépôt vun dësem Projet de loi ze rechnen ass.

Dat gesot, wëll ech och dat, wat d'Madame Err grad gesot huet, am Nimm vun der grénger Fraktioun ënnerstëtzen. Deen Distinguo do mécht kee Sënn an et wär gutt, wa mer deen am Kader vum Projet de loi iwwert déi duebel Nationalitéit kéinten aus der Welt schafen.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Braz. Den Här Henckes huet d'Wuert.

■ **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Här President, ech wëll och dem Rapporteur Merci soen, deen déi grouss Portée an Technicitéit vun dësem Gesetz ervirgestach huet.

Am Liewe muss ee Choixen treffen, a mir sinn der Meenung, dass de Wee vun der duebeler Nationalitéit net dee richtigen ass. Dofir stëmme mir géint dat Gesetz.

■ **M. le Président.** - Voilà. Da si mer um Enn vun dëser Debat. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Justizminister Luc Frieden.

#### (Interruptions diverses)

Den Här Justizminister huet d'Wuert.

■ **M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.** - Merci, Här President. Dëst Gesetz, wat hei op eng breet Zoustëmmung trëfft, ass e Gesetz wat eng grouss Wichtegkeet huet fir vill Lëtzebuerger, déi zënter laangem am Ausland wunnen. Ech mengen et ass gutt, dass mer hinnen dat Stéck Lëtzebuerg, wat déi Leit duerstellen, och wa se sech geographesch vun eis entfernt hunn an dass se awer de Wëllen ausgedréckt hunn, doduerch dass se hir Nationalitéit net opginn hunn, fir Lëtzebuerger ze bleiwen, och net ewechhuelen duerch eng administrativ Hürd, déi virun 20 Joer virgesi gi war.

Ech mengen et ass richteg, dass mer deene Leit, déi zënter laangem am Ausland wunnen als Lëtzebuerger an déi wëlle Lëtzebuerger sinn, d'Lëtzebuerger Nationalitéit loossen, ouni dass se dann elo do mussen eng Deklaratioun maache fir déi Nationalitéit kënnen ze behalen. Aus der Sicht vun haut - an dofir hunn ech am Nimm vun der Regierung dee Projet de loi déposéiert - mengen ech, géing dat kee Sënn maachen, iwwerengs onofhängeg vun allen Diskussiounen ronderëm d'Aféierung vun

der duebeler Nationalitéit. An ech hätt dëse Projet och gemaach - soen ech dem Kollege vun der grénger Fraktioun - am Intérêt vun deene Lëtzebuerger, déi am Ausland wunnen, wa mer net géingen iwwert d'Aféierung vun der duebeler Nationalitéit schwätzen.

Et ass selbstverständlech, dass mer elo och dat Gesetz, wat mer hei stëmmen, mussen deene Lëtzebuerger am Ausland iergendwéi matdeelen. Mir wäerte versichen iwwert de Wee vun eisen Ambassaden, eise Konsulater, mä och deene vun de Länner, wou d'Lëtzebuerger am Ausland sech meeschens hiwennen - an dat si virun allem d'hollänesch an d'belsch diplomatesche Verriedungen -, deenen dat och matzedeelen, sou dass d'Leit, déi also am Ausland wunnen, och wëssen, dass se keng extra Deklaratioun musse maache fir kënnen Lëtzebuerger ze bleiwen.

Zum Schluss ee Wuert iwwert de Projet de loi iwwert d'duebel Nationalitéit. Dee Projet de loi hunn ech effektiv net an de Regierungsrot bis elo abruecht, well do am Fong zwee Elementer sinn, déi ech gäre géing an deem Projet de loi berücksichtegen.

Deen éischten ass déi extrem wichteg Verfassungsännerung, déi den honorabelen Här Meyers elo virun e puer Minutten hei an der Chamber déposéiert huet. Wann d'Chamber op dee Wee geet, fir an deenen nächste Méint - esou wéi hei an där Propositioun proposéiert - d'Naturalisatioun duerch de Pouvoir législatif ofzeschaffen, da verlaangt dat, mengen ech, dass mir och an eise Projet de loi deem direkt Rechnung sollen droen, well et huet jo kee Sënn, dass mer an zwee oder dräi Méint e ganz neie Projet schreiwen.

Zweetens - wat den Inhalt ubelaangt - sinn ech der Meenung, dass d'Konditiounen iwwert d'Aféierung vun der duebeler Nationalitéit e largen Débat verlaangen, dass wa méiglech eng Majoritéit soll hannernt deem Projet stoen, déi iwwert d'Grenze vun där traditioneller parlamentarescher Majoritéit, dat heescht eng Stëmm méi wéi d'Halbschent vun den Deputéierten, soll stoen. Dofir hunn ech et noutwendeg fonnt, dass mer iwwer eng Rei vun deenen Iddien, déi ech op de Wee bruecht hunn: iwwert d'Residenzdauer, iwwert d'Sproochekenntnisser an iwwert de Code d'instruction civique, eng breet Debat géinge féieren.

Déi Debat ass nach net ganz ofgeschloss, mä ech wëll lech awer soen, dass et d'Intentioun vun der Regierung ass, fir nach dëse Mount d'Grondprinzipien, déi aus deene Gespréicher, déi ech mat alle Fraktiounen hei am Haus gefouert hunn, erausgaange sinn, ofzehaken a wann d'Regierung déi Prinzipië festgeluecht huet, fir dee Projet de loi, deen zu 90% fäerdeg ass, dann och kënnen am September an d'Parlament anzebréngen.

Merci.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Minister.

#### (Interruption)

Jo, Här Braz.

■ **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Heescht dass dann elo, dass Der eréischt wëllt de Projet déposéieren nodeems d'Ofännerung vum Artikel 10 gemaach ginn ass, deen net d'Voie parlementaire wëllt ganz ofschafen, wéi Der gesot hutt, mä se deelweis nach soll bestoe bleiwen, oder wëllt Der schonn de Projet déposéieren nach ier dat geschitt ass, awer a Konformitéit vun där envisagéierter Ofännerung?

■ **M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.** - Sou ass et. Ech hunn effektiv dee Projet de loi am Nimm vun der Regierung wëllen - wann d'Regierung dann domat d'accord ass - déposéieren en tenant compte vun där Proposition de révision vun der Constitutioun, esou

wéi de President vun der Institutionskommissioun se de Mëtten hei déposéiert huet.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass ugeholl mat 56 Jo-Stëmmen, bei 4 Nee-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par Mme Sylvie Andrich-Duval), MM. Marcel Glesemer, Norbert Haupt, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Martine Stein-Mergen), MM. Ali Kaes, François Maroldt (par M. Lucien Thiel), Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par M. Patrick Santer), Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. Fernand Diederich), Roland Schreiner (par M. John Castegnaro) et Mme Vera Spautz (par Mme Lydie Err);*

*MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par M. Claude Meisch), Paul Helming (par Mme Colette Flesch), Claude Meisch et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*M. Aly Jaerling.*

*Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

#### (Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Den Här Meyers freet d'Wuert fir en Dépôt.

### 3. Dépôt d'une proposition de révision de la Constitution

■ **M. Paul-Henri Meyers (CSV).** - Jo, Här President, ech hu virun e puer Minutten d'Proposition de révision vum Artikel 10 vun der Verfassung déposéiert. Elo maachen ech hei den Dépôt vun der

- *Proposition de révision N°5596 de l'article 16 de la Constitution.*

Dës Propositioun soll den Artikel 16 vun der Verfassung mat engem neien Alinea compléieren.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Meyers. Déi Propositioun geet an déi normal Prozedur. Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5352 iwwert d'Société européenne. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Bis elo sinn ageschriwwen: d'Madame Flesch, den Här Klein, den Här Braz, den Här Henckes an den Här Jaerling.

Vu datt et sech hei ëm en aussergewöhnlech komplexe Projet handelt, wou de Rapporteur sech eng Hälleméi ginn huet, fir e substantielle Rapport ze proposéieren, denken ech an hu mir och gesot, dass eng Riedezäit vun zéng Minutten net duergeet.

Ech géif d'Chamber froen, ob se domat d'accord wär, dass de Rapporteur, vu datt d'CSV-Fraktioun gemellt huet, si hätt kee Riedner dozou, e groussen Deel vun hirer